ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 10. Mee 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

An Éisträich gouf rezent eng grouss ugeluechten Ëmfro duerchgefouert, wou Leit, déi selwer net am Beräich vun der Landwirtschaft schaffen, hiren Avis zum Image vum Bauer an der Landwirtschaft allgemeng sollten ofginn. D'Resultat vun dëser Ëmfro war iwwerraschend positiv, wat de genannten Image ugeet. Och zu Lëtzebuerg huet e Groussdeel vun der Bevëlkerung keen direkten Drot zu landwirtschaftleche Beruffer an et stellt sech och hei am Land d'Fro, ob net awer en Deel vun der Bevëlkerung en Image vu landwirtschaftleche Beruffer huet, deen net onbedéngt der Realitéit entsprécht.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Gedenkt den Här Landwirtschaftsminister och zu Lëtzebuerg esou eng Ëmfro an d'Weeër ze leeden, fir emol generell ze préiwen, wéi en Image landwirtschaftlech Beruffer, besonnesch de Bauer, an der breeder Bevëlkerung hunn?
2. Wier esou eng Ëmfro an den Ae vum Här Minister net och sënnvoll, well si et erlabe géif, méi genee ze detektéieren, wou d'Diskrepanzen am Hibléck op den Image vum Bauer an der Bevëlkerung an der Realitéit um Terrain leien?
3. Wär den Här Minister domat d'accord, fir Informatiounscampagnen an d'Weeër ze leeden, fir der breeder Bevëlkerung e realistescht Bild vun der moderner Landwirtschaft ze vermëttelen? Wa jo, a wéi engem zäitleche Kader ka mat der Ëmsetzung vun esou enger Campagne gerechent ginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten